QP 2567

REÇU
Par Christine Wirtgen , 12:25, 20/07/2020

Lëtzebuerg, den 20. Juli 2020

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Inneministesch an un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden:

*« Duerch déi ablécklech Entwécklung vun den Infektiounszuele vum COVID-19 an déi doduerch bedéngte Reesrestriktioune gëtt d'"Vakanz doheem" fir ëmmer méi Leit eng Realitéit.*

*Schonn wärend de leschte Wochen a Méint hunn vill Leit hire Wee op d'Baggerweieren oder op de Stauséi fonnt. Eleng iwwert de Päischtweekend solle ronn 7.000 Leit zu Esch/Sauer gewiescht si fir do mat der Famill oder Kolleegen den Dag ze verbréngen.*

*Allerdéngs héiert een awer och ëmmer nees, dass ronderëm dës ëffentlech zougänglech Séien a Weieren dacks Verbuetsschëlder a Späre verréckelt, zerrappt oder einfach vun de Visiteuren ignoréiert ginn.*

*Et ass evident, datt d'Net-Respektéiere vun de Consignen a Verbuetsschëlder eng Partie Gefore mat sech bréngen. Wann dës beléifte Plazen nämlech iwwerfëllt sinn, klëmmt net nëmmen de Risiko sech mam Covid-19 unzestiechen, mä och och d'Gefor, déi vum Waasser aus geet.*

*D'"Deutsche Lebensrettungsgesellschaft" (DLRG) huet an deem Kontext virdrun gewarnt, datt et dës Saison -wéinst der Covid-bedéngter "Vakanz doheem"- zu méi Akzidenter an ëffentleche Gewässer kënnt. Och d'Base de sauvetage Aquatique' huet op den Sécherheetsrisiko opmierksam gemaach.*

*Eisen Informatiounen no, si säit dem 15.Mee zwar Permanencen en place, allerdéngs ass den Effectif vun dësen Equippen net ganz grouss, an d'Kontrolle sinn och just wärend dem Weekend an iwwert Feierdeeg vu Moies 9:00 bis Owes 19:00 Auer.*

*An deem Kader wollte mir der Madamm Inneministesch an dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet folgend Froe stellen:*

– *Wéi vill Rettungsasätz goufen et iwwer déi lescht 5 Joren um Stauséi an op de Baggerweieren? Wéi vill Leit sinn am nämmlechten Zäitraum an dësen Gewässer erdronk ?*
– *Ass d'Madamm Minister der Meenung, datt den aktuellen Dispositif vun der Base de Sauvetage Aquatique den Ament duer geet ? Kann d'Madamm eis weider Informatiounen iwwer d'Organisatioun vun der Surveillance um a ronderëm d'Waasser ginn?*
– *Deelt d'Madamm Minister d'Aschätzung vun der DLRG, datt wéinst den aktuellen Reesrestriktiounen d'Visiteurszuel op den ëffentleche Gewässer klammen wäert?*
– *Ass et geplangt fir d'Surveillance um Stauséi an op de Baggerweieren deementspriechend unzepassen ?*
– *Ass wärend de Summerméint och eng Surveillance wärend der Woch geplangt? Wann nee, wat schwätzt dogéint?*
– *A leschter Zäit geet och ëmmer nees vun "nächtleche Privatpartyen" op deene Sitte Riets. Wäert d'Police hir Kontrollen an nächster Zäit op deene Plaze verstäerken?*
– *Gëtt an Erwägung gezunn den Accès fir d'Visiteuren op dës Sitten ab enger bestëmmter Dageszäit ze verbidden? »*

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN
Deputéierten

Claude LAMBERTY
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

La Ministre

Luxembourg, le 26 août 2020

RECU
Par Alff Christian , 11:41, 26/08/2020

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
43, bld Roosevelt
L-2450 Luxembourg

**Concerne : Question parlementaire n° 2567 du 20 juillet 2020 des honorables Députés Claude Lamberty et Max Hahn concernant le lac de barrage d'Esch-sur-Sûre**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

La Ministre de l'Intérieur

Taina Bofferding

Boîte Postale 10 L-2010 Luxembourg FAX 221125

**Gemeinsam Äntwert vun der Madame Inneministesch, Taina Bofferding, an vum Här Minister fir bannenzeg Sécherheet, Henri Kox, op d'parlamentaresch Fro n° 2567 vun den éierbaren Deputéierten Max Hahn a Claude Lamberty zum Thema "Lac de barrage d'Esch-sur-Sûre"**

***Wéi vill Rettungsasätz goufen et iwwer déi lescht 5 Joren um Stauséi an op de Baggerweieren? Wéi vill Leit sinn am nämmlechten Zäitraum an dësen Gewässer erdronk ?***

Säit 2014 sinn um Stauséi 10 Persoune vun de Rettungsdengschter gerett ginn (Sauvetage de personnes). 8 Persoune si während der Period erdronk (Noyade).

Am gläichen Zäitraum sinn op de Baggerweieren zu Remerschen 3 Persounen erdronk, während eng Persoun vun den Hëllefsdéngschter vum CGDIS gerett konnt ginn.

Et ass ervirzehiewen, dass iwwert déi 5 lescht Joeren, um Stauséi 1 Persoun gerett gouf a 4 Persounen erdronk si während den Zäite wou de Poste de secours a Betrib war. Ausserhalb vun dësen Zäiten (entweder ausserhalb vun der Saison oder tëschent 19 Auer Owes a 9 Auer Moies) si 9 Persoune gerett ginn a 4 Persounen erdronk.

Net opgezielt sinn d'Sich no vermësste Persounen ("Recherche de personnes"), sou wéi alldeeglech Éischt-Hëllef Moossnamen déi um Poste de secours um Stauséi gemaach goufen.

***Ass d'Madamm Minister der Meenung, datt den aktuellen Dispositif vun der Base de Sauvetage Aquatique den Ament duer geet ? Kann d'Madamm eis weider Informatiounen iwwer d'Organisatioun vun der Surveillance um a ronderëm d'Waasser ginn?***

D'Missiounen an d'Organisatioun vum Poste de Secours sinn duerch de *Règlement grand-ducal modifié du 19 mars 1979 instituant près du lac de barrage d'Esch-sur-Sûre un poste de premiers secours qui fonctionne pendant la saison touristique allant du 15 mai au 15 septembre* gereegelt.

Op Grond vum Artikel 2 huet de Poste de secours folgend Missiounen:

- *exercer un rôle de prévention sur et aux abords des eaux du lac notamment à l'occasion de manifestations sportives aquatiques;*
- *porter secours aux victimes d'accidents sur et aux abords des eaux du lac;*
- *signaler au central téléphonique de secours d'urgence les pollutions éventuelles des eaux du lac.*

De Poste de Secours ass während der Saison (vum 15. Mee bis de 15. September) all Weekend an all Feierdeeg vu 9 Auer Moies bis 19 Auer Owes mat mindestens 3 Rettungstaucher besat, déi d'Missioun hunn, bei engem Noutfall um Séi oder op den Plagen bannent engem kuerzen Délai z'intervenéieren.

Dës Permanence assuréiere Rettungstaucher well de Stauséi op ville Plaze relativ séier déif gëtt a well um Stauséi och vill Hobbytaucher am Waasser sinn. D'Rettung vu Persounen déi erdrénken erfuedert an alle Fäll den Asaz vun Taucher. D'Ausbildung zum Rettungsschwëmmer erlaabt nëmme bis op gewëssen Déiften ze intervenéieren.

D'Alarméierung vum Poste de Secours geschitt iwwert den CSU-112 am Fall vun engem Noutruff op den 112, duerch Zeien déi e Virfall beim Poste mellen, Patienten déi direkt bei de Poste de Secours kommen oder an deene Fäll wou d'Rettungstaucher selwer op en Incident opmierksam ginn.

D’Präsenz vum CGDIS um Stauséi erfëllt virun allem den Zweck fir am Noutfall séier kënnen z‘intervenéieren, net awer fir eng Surveillance vun alle Persounen am a ronderëm d‘Waasser ze maachen, wat souwisou wéint der Topographie an der Längt vum Stauséi net méiglech wier.

***Deelt d'Madamm Minister d'Aschätzung vun der DLRG, datt wéinst den aktuellen Reesrestriktiounen d'Visiteurszuel op den ëffentleche Gewässer klammen wäert?***

Déi lescht Woche ware wéinst dem gudde Wieder relativ vill Leit um Stauséi, awer och net méi wéi an der Vergaangenheet ausserhalb vun der Pandemie. Et ass dovun auszegoen, dass och bis zum Enn vun der Saison bei guddem Wieder vill Leit op de Stauséi wäerte fueren.

***Ass et geplangt fir d’Surveillance um Stauséi an op de Baggerweieren deementspriechend unzepassen?***

***Ass wärend de Summerméint och eng Surveillance wärend der Woch geplangt? Wann nee, wat schwätzt dogéint?***

De CGDIS konnt d’Asäz während de leschte Weekender - wéi och an der Vergaangenheet - mam Dispositiv vu mindestens 3 RettungstaucherInne bewältegen. Dësen Dispositiv wäert awer eropgesat ginn, wann de Besoin besteet, respektiv wann d’Asäz an d‘Luucht ginn.

De Groupe de sauvetage aquatique, dee réng aus Fräiwëllege besteet, wäert a Funktioun vun der Disponibilitéit vu senge Memberen falls d’Situatioun et erfuerdert, de Poste de secours um Stauséi während der Saison och zäitweis an der Woch besetzen. Déi uewe genannten Zuele weisen, dass an der Vergaangenheet Persounen och vum Groupe de sauvetage aquatique gerett konnte ginn, wa keng Permanence vun hinne op der Plaz war. Sollt awer punktuell festgestallt ginn, dass dëst Joer wéinst der aussergewéinlecher Situatioun e staarken Undrang besteet, kann de CGDIS kuerzfristeg reagéieren. De Groupe de sauvetage aquatique vum CGDIS ass esou organiséiert, dass e bei Noutfäll am Waasser iwwerall am Land esou séier wéi méiglech kann intervenéieren. Generell ass dorop hinzeweisen, dass d’Schwammen am Stauséi, onofhängeg dovun ob de Poste de secours besat ass oder net, op eege Gefor geschitt.

D’Surveillance vun de Baggerweiere zu Remerschen fält ënnert d‘Responsabilitéit vun der Gemeng Schengen.

De Bedreiwer vum Site huet en neit Sécherheetskonzept op d'Bee gestallt, wou an Zesummenaarbecht mat enger externer Firma e "Plan de sécurité de l'espace Erliefnis Baggerweieren" ëmgesat gëtt. Dëst Konzept gesäit z.B. vir, dass d'Visiteurszuel op maximal 2000 Leit pro Dag ka begrenzt ginn. Hei ass och virgesinn, dass d'Police e Passepartout kritt, fir op schnellstem Wee iwwerall eran ze kommen, wou en Accès zum Site duerch eng zougespaarten Paart besteet.

Dësweideren gëtt de Site vun de Baggerweiere regelméisseg vun der Police ugefuer a speziell op deene Plazen, wou d'Gefor besteet, dass d'Leit sech do en illegalen Zougang verschafen (iwwert den Drot klammen, den Drot futti maachen, asw.). Dës Iwwerpréiwunge fanne Daags an Nuets iwwer statt, souwuel während der Woch wéi och um Weekend. Op Ufro vun Drëttpersounen, déi verdächteg Mouvementer oder Leit mellen, déi sech ausserhalb vun den normalen Ëffnungszäiten um Site ophalen, kann d’Police och intervenéieren.

De Stauséi gëtt och regelméisseg vun der Police ugefuer. Hei ass et sou, dass d'Policeregioun Norden en Dispositiv opgestallt huet, deen a Funktioun vun de Wiederconditiounen déi territorial kompetent Unitéiten punktuell verstäerkt fir d'ëffentlech Uerdnung ze garantéieren. Hei geet et virun allem dorëms, Verkéiersproblemer ze vermeiden an d'Anhale vun de verschiddene legalen Dispositiounen (Waasserschutz, Ëmweltschutz, Gemengereglementer, COVID-19-Dispositiounen, etc.) ze kontrolléieren. Dësweideren gi regelméisseg um Weekend bei summerleche Wiederconditioune gréisser Kontrollen, zum Deel och mam Asaz vun Drogenhënn, duerchgefouert.

D'Police schafft an enker Zesummenaarbecht mat de lokalen Autoritéiten. Sou si verschidde Mesuren, déi vun den Gemengen en Place gesat goufen, komplementar zu den Police-Dispositiver (infrastrukturell Mesure fir d'Stationéieren op verbuedene Platzen ze verhënneren, Barrière bei den Accèsen zu den Parkingen, Réservatiounssystem fir d'Zuel vun de Visiteuren ze begrenzen, Sécherheetspersonal vun enger privater Sécherheetsfirma während de Week-Ender, etc.).

Fäll vu Ruhestörung Nuets um Stauséi ginn der Police oft réischt den Dag duerno gemellt. No Récksprooch mat de Gemengenautoritéiten ass duerfir décidéiert ginn, d'Parkinge vun de Stauséi-Plage vun 23.00 - 07.00 Auer zou ze maachen. D'Police fiert och verstäerkt Patrullen ronderëm de Stauséi Nuets, wann d'Wiederkonditioune summerlech sinn.

***A leschter Zäit geet och ëmmer nees vun "nächtleche Privatpartyen" op deene Sitte Riets. Wäert d'Police hir Kontrollen an nächster Zäit op deene Plaze verstäerken?***

Illegal Privatpartyen ginn am Kader vun den regelméissege Police-Patrullen, wéi bei der Fro 4 beschriwwen, kontrolléiert.

***Gëtt an Erwägung gezunn den Accès fir d'Visiteuren op dës Sitten ab enger bestëmmter Dageszäit ze verbidden? »***

Den Accès zu de Baggerweiere ass strikt geregelt an nëmmen zu bestëmmten Daageszäiten op spezifesche Plaze méiglech. Am Fall vu Tëschefäll, verfiert d'Police esou wéi bei der Fro 4 beschriwwen.

Wat de Stauséi ubelaangt, gëtt et kee Reglement , wat den Accès zu de Plage verbitt.